N°3114
Entrée le 12.11.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n°3114 du 27 octobre 2025 de Monsieur le député Sven Clement au sujet d'importations de gaz russe et de la dépendance énergétique du Luxembourg**

*„1. Wéi eng konkret Informatioune leien dem Ministère iwwer den Undeel vum russesche Gas am Lëtzebuerger Gas-Mix fir d'Joren 2024 an 2025 vir?*

*2. Wéi eng Schätzunge mécht de Ministère iwwer d'Gesamtbeträg, déi Lëtzebuerg zanter dem Start vun der Invasioun am Joer 2022 fir de Kaf vu russeschem Gas iwwer all Importweeër bezuelt huet?*

*3. Wéi eng Moossnamen iwwerleet de Ministère ze ergräifen, fir eng komplett Transparenz vun de Gasimportateuren iwwer d'Hierkonft vun hirem Gas ze garantéieren, besonnesch a Bezuch op LNG Liwwerungen aus Nopeschlänner?*


*4. Wéi gesäit den detailléierte Plang vun der Regierung aus, fir d'Ofhängegkeet vu russesche fossille Brennstoffer sou séier wéi méiglech, wäit virun 2028, ze beendegen?*


*5. Wéi eng Konsequenze wäert de Ministère zéien, wa Gasimportateuren, déi zu Lëtzebuerg Gas verkafen, keng Äntwerten op d'Fro vun der Hierkonft vum Gas liwweren?"*

Lëtzebuerg ass Deel vum Europäesche Bannemarché fir Gas. Den Europäesche Bannemarché ass d'Réckgrat vun der Gasversuergung an Europa, a fir d'Versuergungssécherheet kruzial, well esou d'Offer an d'Demande zu all Moment alignéiert ginn. Et ass awer keen Traçage vun all de Gas-Volummen am Europäesche Gas-Bannemarché méiglech.

Um Europäesche Bannemarché fir Gas kann den Undeel vu russeschem Gas fir déi eenzel EU-Länner ëmmer just geschätzt ginn, an net ganz eendeiteg bestëmmt ginn. Fir déi ganz EU kann den Undeel vu russeschem Gas kloer bestëmmt ginn, well all Gas-Importer, sief et iwwer Pipeline oder iwwer Schëffer (LNG, also verflëssegten Äerdgas), op de Baussegrenze vum EU-Bannemarché präzis statistesch erfaasst ginn. Dës Statistike sinn um Site vun Eurostat disponibel an hei drënner erëmgeholl. Se weise fir dat zweet Trimester 2025 (rezentst disponibel Donnéeën) en Undeel vun 12.9% russeschen LNG, a 7.8% russesche Pipeline Gas an de Gas-Importer vun der EU[1].

[1] https://ec.europa.eu/eurostat/statistics-explained/index.php?title=EU_imports_of_energy_products_-_latest_developments




Nieft dësen zouverléissegen Europäesche Statistike ginn et Estimatiounen, wéi sech d'Volummen op eenzel Memberstaaten opdeelen, dëst entweder op Basis vu Kontrakter, déi net anonym gehandelt goufen (esou genannt "Over the Counter Trades"), oder op Basis vu physikalesche Fléss. Déi éischt Method huet den Nodeel, datt e groussen Undeel vum Gas anonym gehandelt gëtt, an dofir net kann erfaasst ginn. Déi zweet Method ass eng graff Schätzung, déi op der Hypothees berout, datt d'Volummen, déi un de Baussegrenze vun der EU erfaasst ginn, sech no engem bestëmmte Schlëssel, deen net kann eendeiteg verifizéiert ginn, verdeelen.

Opgrond vun dësen Ongenauegkeeten a geméiss de statistesche Reegelen aus dem Règlement 1099/2008, publizéiert de STATEC d'Volumme vun den direkten Importer, déi statistesch däitlech kënnen erfaasst ginn. Do gëtt als Origine vum Gas am Lëtzebuerger Gas-

Mix dann zum Beispill d'Belsch genannt, wuel wëssend datt d'Belsch hirersäits de Gas aus verschiddene Quelle bezitt.

| Importation de gaz naturel par pays d'origine (en %) en 2023 | |
|---|---|
| Belgique (LNG) | 27.3 |
| France (LNG) | 14.5 |
| Norvège | 21.6 |
| Pays-Bas | 36.5 |

Source : STATEC[2]

Well d'Problematik vu russeschem Gas am Europäesche Bannemarché déi ganz EU betrëfft, gouf den 20. Oktober 2025 am EU-Conseil vun den Energieministeren d'Approche fir „RePowerEU" ugeholl, déi ofséchere soll, datt bis spéitstens Enn 2027 guer kee russesche Gas méi an d'EU kënnt. Lëtzebuerg huet dës Approche vun Ufank un ënnerstëtzt.

Et gëtt also intensiv um Europäeschen Niveau u Léisunge geschafft, fir bis Enn 2027 eng koordinéiert Léisung ze hunn, déi net op Käschte vun engem effiziente Bannemarché geet, an déi d'EU kuerzfristeg komplett onofhängeg vu russesche Gas-Importer mécht.

Déi Lëtzebuerger Gasfournisseure wäerten sech och weiderhi fräi um Europäesche Bannemarché kënne mat Gas approvisionéieren.

Luxembourg, le 12/11/2025

Le Ministre de l'Économie, des
PME, de l'Énergie et du Tourisme

(s.) Lex Delles

[2] https://lustat.statec.lu/vis?tm=A4207&pg=0&hc[dataflowId]=DF_A4207&df[ds]=ds-release&df[id]=DF_A4207&df[ag]=LU1&df[vs]=1.2&pd=2007%2C&dq=A.&to[TIME_PERIOD]=false